

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Landwirtschaftsminister an den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Säit dem Hierscht d'lescht Joer gouf den HORECA-Secteur ëmmer méi strenge COVID-Moosnamen ausgesat, wat zu engem staarke Réckgang vun de Clienten an och der Ofso vu villen Evenementer, zum Beispill Familjen- a Betrëbsfeiere gefouert huet. Dës Ëmstellung sinn zäitlech enk mat der Juegdsaison zesumme gefall. Traditionell gëtt dat Wëld, dat während dem Hierscht an dem Wanter zu Lëtzebuerg geschoss gëtt, och vill an der HORECA verschafft.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, ob d'Juegdquote fir d'Saison 2021/22 bis ewell konnten erfëllt ginn?
- 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi fir den Zäitraum vun de Joren 2013 bis 2021 regruppéiert, wéi vill iessbar Wëld all Joers ausgedréckt a Kilogramm insgesamt geschoss gouf, op wéi eng Kategorie vun Déieren et sech verdeelt huet a wéi vill dovun un d'HORECA an un aner Betriber aus dem Liewensmëttelberäich (Catering, Supermarchéen asw.) weider verkaf gouf a wéi een Undeel all Joers huet missen zerstéiert ginn, well e Mangels Nofro net konnt um Maart ofgesat ginn?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, op iessbar Wëld dat zu Lëtzebuerg geschoss gouf, während de Joren 2013 bis 2021 och exportéiert gouf? Falls jo, kann d'Regierung déi genee Quantitéite verdeelt no Joren an op déi eenzel Déierenzorte matdeelen? Kann d'Regierung gegebenefalls matdeelen ob a wéi d'COVID-Moosnamen am HORECA-Secteur sech op dës Zuelen ausgewierkt hunn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5647 vum 1. Februar 2022 vun dem éirewäerten Députéierten Här Jeff Engelen iwwert den "Impact de la pandémie sur la chasse"**

**1. Kann d'Regierung matdeelen, ob d'Juegdquote fir d'Saison 2021/22 bis ewell konnten erfëllt ginn?**

Mat Juegdquote mengt den éierwäerten Deputéierte sécherlech den Ofschossplang. D'Ofschosspläng ginn allerdéngs fir eng Juegdperiod (3 Joer) opgestallt, spréich an dësem Fall vum 1. Abrëll 2021 bis den 31. Mäerz 2024. Well mol nach net dat éischt Juegdjoer vun dëser Juegdperiod erfëllt ass, kann dës Fro net beäntwert ginn.

**2. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi fir den Zäitraum vun de Joren 2013 bis 2021 regruppéiert, wéi vill iessbar Wëld all Joers ausgedréckt a Kilogramm insgesamt geschoss gouf, op wéi eng Kategorie vun Déieren et sech verdeelt huet a wéi vill dovun un d'HORECA an un aner Betriber aus dem Liewensmëttelberäich (Catering, Supermarchéen asw.) weider verkaf gouf a wéi een Undeel all Joers huetmissen zerstéiert ginn, well e Mangels Nofro net konnt um Maart ofgesat ginn?**

D'ANF huet keng Informatiounen iwwert d'Gewiicht u geschossenem Wëld, respektiv wéivill dovunner hei am Land un d'HORECA oder aner Betriber geet.

D'Ofschosszuele selwer, also dat wat u Wëld pro Juegdjoer am ganze Land geschoss gëtt, kënnen gären am *Bulletin technique de l'Administration de la nature et des forêts en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse* nogekuckt ginn. Déi Bulletine fënnt een op [www.emwelt.lu](http://www.emwelt.lu).

**3. Kann d'Regierung matdeelen, op iessbar Wëld dat zu Lëtzebuerg geschoss gouf, während de Joren 2013 bis 2021 och exportéiert gouf? Falls jo, kann d'Regierung déigene Quantitéite verdeelt no Joren an op déi eenzel Déierenzorte matdeelen? Kann d'Regierung gegebenefalls matdeelen ob a wéi d'COVID-Moosnamen am HORECA-Secteur sech op dës Zuelen ausgewierkt hunn?**

D'ANF huet keng Informatiounen iwwert den Export vu Wëldfleesch an d'Ausland. Dat selwecht gëllt och fir Import vu Wëldfleesch dat hei am Land verkaf gëtt.

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2022  
(s.) Carole Dieschbourg  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung